C3L: Vill Froen nach a Saachen Medicoleak-Affär

25.09.2014, 05:24 | Fir d'lescht aktualiséiert: 25.09.2014, 11:41

Nom Prozess géint den President vun der Piratepartei an der Medicoleak Affär bleiwen dem Chaos Computer Club Lëtzebuerg no, nach vill Froen onbeäntwert.

© Eldoradio

Während dem Prozess wier zwar sou munches gekläert ginn, um Enn wieren wichteg Froen nach ëmmer onbeäntwert, sou den C3L an engem Communiqué.

Fir Si wier et zum Beispill nach ëmmer onverständlech wisou eng Persoun déi op een Sécherheetsproblem hiweist ugeklot gëtt,, hei also den Sven Clement vun der Piratepartei, a Leit respektiv Institutiounen déi onvirsiichteg mat privaten Daten vu ville Leit ëmginn, net ugeklot ginn.

Och wier et net ze verstoen wisou 10 Deeg nodeems déi ganz Medicoleak-Affär bekannt gouf, den Sécherheetsproblem ëmmer nach net behuewe gi war.

Dëse Fall géif weisen dat et a punkto Veröffentlechung vu Sécherheetsproblemer nach vill ze maache gëtt. Wann just déi Persoun déi drop opmierksam gemaach huet, ugeklot gëtt an déi aner einfach sou dervun kommen, da géif an eisem System iergendeppes falsch lafen, sou den Chaos Computer Club Lëtzebuerg.